

# MS-AQUASPORT

## AQUA-FITNESS COURS FIR MS BETRAFFENER


**MS -Lëtzebuerg organiséiert fir dat 2. Trimester 2017 en neien Aqua-Fitness Cours (19. Editioun) fir MS Betraffener.**

vum 3. Abrëll
bis den 3. Juli 2017

MÉINDES VUN 18:30 BIS 19:30
AN DER PIDAL ZU WALFER

3, 24 Abrëll 2017
8, 15, 22, 29 Mee 2017
12, 19, 26 Juni 2017
3 Juli 2017

PIDAL



Jidderee ka matmachen. Ënnert der Leedung vun engem geschoulte Schwammmeeschter gëtt am 29 Grad waarme Waasser am klenge Baséng bei Musek am Grupp geturnt a sech weiderbeweegt. Eng ze grouss perséinlech Belaaschtung kann een vermeiden andeems een net all Übunge matmecht oder un de Bord vum Baséng raschte geet.

Duerch d'Ënnerstëtzung vun der a.s.b.l. "Mir hëllefen" ass et eis méiglech dëse Cours zum Präis vun nëmme 50-€ unzebidden, a wann en MS-Betraffenen eng perséinlech Hëllef a Form vun engem Begleeder brauch, dëser Begleedung eng gratis Partizipatioun ze erlaben!

**Fir matzemaachen, iwwerweist ganz einfach**
**virum 3. Abrëll 2017**
€ 50,-
**op den CCP LU73 1111 0668 8249 0000**
**vun der LLSP**
**mat der "Mentioun 19. ANW-Cours"**

Vu que dass de Präis vun 50-€ e subventionéierte Forfait fir 10 Coursen ass gëtt e net rembourséiert wann een net wi geplangt regelméisseg matmaache konnt.

Wann der e Begleeder hutt, schreift deem säin Numm mat der Mentioun "Begleedung" och op de Virement. Fir weider Froe kënnt der Iech an eisem Sekretariat beim Marielle Tarayre renseignéiere (Tel 26 61 05 56).